



**Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, Franz Fayot, à la question parlementaire n°6583 du
1. août 2022 de Messieurs les Députés Claude Lamberty et André Bauler
au sujet de l'« Automotive Campus » à Bissen**

Den Automobilsecteur am generellen an d'Mobilitéit am speziellen si prioritär Beräicher wann et drëms geet fir di national Wirtschaft ze diversifizéieren, mat engem starken Fokus op „Smart Mobility“. Besonnesch Aktivitéite ronderëm Fuerschung an Entwécklung an deene Beräicher schafe Plus-Valuen an Aarbechtsplazen. Dofir huet d'Regierung virun e puer Joer decidéiert fir zu Bissen e Campus ze schafen, deen der Innovatioun am Lëtzebuurger Automobilsecteur gewidmet ass. De Numm vun deem Site ass „Automobility Campus“.

Dësen Infrastrukturprojet schreift sech och an d'Politik vum Aménagement du territoire a fir wirtschaftlech Aktivitéite besser iwwer Land ze verdeelen an esou ze dezentraliséieren. Ursprénglech gouf d'Konzept vum Campus am « Haut Comité pour le soutien, le développement et la promotion de l'industrie » ënnert der Féierung vum Wirtschaftsministère elaboréiert, zesumme mat der ILEA (Industrie luxembourgeoise des équipementiers de l'automobile) an Luxinnovation, der nationaler Agence fir d'Promotioun vun der Innovatioun.

D'IEE war 2019 di éischt Firma di sech um Site zu Bissen niddergelooss huet andeems se hire Sëtz dohinner geplënnert huet an ee Fuerschungszenter do opgemaach huet. Duerno koum zum Beispill Luxprovide dohinner, di de Supercomputer MeluXina bedreift deen och vun der Automobilindustrie benotzt gëtt. Och den „Interdisciplinary Centre for Security, Reliability and Trust“ (SnT) vun der Uni Lëtzebuerg huet de Site zäitweilleg benotzt fir do Tester mat Autoen ze maachen di ouni Chauffeur fuere kënnen.

D'Automobilindustrie ass zanter e puer Joer schonns am Ëmbroch. Gefierer di ee Motor hunn dee mat Bensinn oder Diesel funktionéiert ginn duerch Elektrogefierer ersat. Dowéinst ass den Automobilmarché ugespaant, een Zoustand deen duerch d'Koronakris an hir ekonomesch Suiten nach weider verstärkt gouf. Besonnesch d'Zouliwwerindustrie ass dovunner betraff vun där et vill Entreprises hei am Land gëtt.

Lëtzebuurger an auslännesch Betriber sinn interesséiert fir sech um Campus zu Bissen nidder ze loossen, sinn hunn hier Decisiounen fir esou e laangfristige Projet un ze goen a fir z'investéieren awer wéinst der ugespaanter Situatioun an der Automobilindustrie zeréck gestallt oder op spéider verluecht. Dat erkläert firwat d'Entwécklung vum Site di vergaange Jore bis elo esou net virugaangen ass wéi dat geplangt war.

D'Regierung hält um Konzept vum Campus zu Bissen fest fir do e Site z'entwéckele fir innovativ Betriber aus der Automobil- an der Zouliwwerindustrie. Dofir gëtt och geschwënn mam Bau vun engem Incubateur fir Startuppen aus deene Beräicher ugefaangen, e Projet deen wéinst der Pandemie Retard krut. Déi zousätzlech Infrastruktur wäert mëttel- a laangfristeg zu der Attraktivitéit vum „Automobility Campus“ bäidroen. Dat Gebai kritt eng Surface vu ronn 5.000 m² a soll no de Prinzipie vun der Kreeslafwirtschaft gebaut ginn a funktionéieren.

Luxembourg, le 16/09/2022

Le ministre de l'Économie

(s.) Franz Fayot